LSAP



# Monnerecher Gemengerot: Maurice Schwarz iwwerhëlt fir Anne Becker.

D’Anne Becker, LSAP-Gemengeconseillère zu Monnerech, huet aus berufflechen a perséinleche Grënn aus dem Gemengerot demissionéiert. De Maurice Schwarz réckelt fir d’LSAP an de Gemengerot no.

D’LSAP Sektioun Gemeng Monnerech seet dem Anne e grousse Merci fir seng Disponibilitéit a säin Engagement fir eis Gemeng an eis Sektioun. Mir si frou, datt d’Anne weiderhin an der Sektioun wäert matschaffen an eis mat Rot an Dot zur Säit steet.

Mam Maurice Schwarz (27 Joer) réckelt den Nächstgewielten op der LSAP-Lëscht an de Gemengerot no. De Maurice ass aktuell de President vun der LSAP Sektioun Gemeng Monnerech. Mir wënschen dem Maurice an der LSAP-Fraktioun weiderhin eng engagéiert Hand am Interessi vun eiser Gemeng.

De Comité vun der LSAP Sektioun Gemeng Monnerech

LSAP Sektioun Gemeng Monnerech
monnerech@lsap.lu

#ZESUMMEN